ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 19. August 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun der Renaturéierung vun de Waasserleef an de Bëscher däerfen eenzel Nolebëscher, déi un de Waasserleef leien, deels ofgeholzt ginn an de Staat subsidéiert dës Moossnamen. Eenzel Parzellen däerfen zu enger Fiichtwiss ëmgewandelt ginn, anerer ginn duerch Lafholz erëm ugeplanzt. Dës Moossname sinn zënter dem Joer 2012 a Kraaft.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister :

1. Wéi vill Hektar Bësch goufen am Kader vun dëser Moossnam bis elo subsidéiert?
2. Wéi vill Hektar Bësch goufen ëmgewandelt a Fiichtwisen?
3. Wéi vill Hektar Bësch goufen ëmgewandelt vun Nolenholz zu Lafholz a wéi deelen déi sech pro Joer an no Regioun op?
4. Goufen och Parzellen ëmgewandelt a net subsidéiert an ëm wéi vill Hektar handelt et sech hei?
5. Wéi vill Hektar Bësch leien aktuell an Natura 2000 Gebidder?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR Groupe parlementaire **25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**